GEMENG
JONGLËNSTER

Jonglënster, den 18. September 2024

# 9. Reunioun – Rapport

**12. September 2024 – Jugendhaus Jonglënster**
**Commission des sports et loisirs et de la jeunesse**

## 1) Präsenz

| NOM | PRENOM | PRÉSENT.E | EXCUSÉ.E | N.EXCUSÉ |
|---|---|---|---|---|
| | | [redacted] | | |
| | | [redacted] | | |
| | | [redacted] | | |
| | | [redacted] | | |
| | | [redacted] | | |
| | | [redacted] | | |
| | | [redacted] | | |
| | | [redacted] | | |
| | | [redacted] | | |

## 2) Begréissung & Aleedung mat der Presentatioun vum Ordre du Jour

- Begréissung duerch d’Présidence un d’Membere vun der Kommissioun

## 3) Approbatioun vun de leschte Rapporten

- De leschte Rapporte vun der 8.Sëtzung ass approuvéiert ginn.

## 4) <u>Seefekëschterennen</u>

<u>Allgemeng</u>

- Mir benotze just déi kléng rechteckeg Botten, sou dass dës kënnen zu all Moment geréckelt gi wann zum Beispill de CGDIS misst duerch fueren. Mir wäerten net déi grouss ronn Botten huelen.
- Bis elo hu mir de Moment 5 „privat“ Umeldungen. Eng dovun ass ee Veräin, den Taekwondo. Dobäi kommen dann nach déi 3 Maison Relais an d'Jugendhaus.
- An der Woch vum 21.September wäert de Contrôle technique vun de Seefekëschten aus de Maison Relais an dem Jugendhaus gemaach ginn. [redacted] kuckt do zesumme mat [redacted] fir do ee Rendez-Vous ze maachen.
- De Podium ass um 17:15. Mir wäerten 3 Präisser hunn. Dëst sinn 2x déi éischt Plaz an der Alterskategorie an 1x fir déi schéinste Seefekëscht.
- All Participant wäert eng Medaile kréien. Hei huet de [redacted] säin Accord ginn. [redacted] wäert een Devis beim RCM ufroe fir d'Coupen an d'Medailen an dësen dann era schécken.
- Fir d'Päschbiller hu mir dëst elo mam Jugendhaus zesumme gemaach, esou dass mir hei net wäerten op Imprimerie zeréck gräifen.
- D'Gemeng léint eis hier JBL Boombox. Dëst muss onbedengt ënnert dem Zelt stoen.
- Soubal mir den Devis vum Killwon hunn, schécke mir deen op d'Gemeng. Mir wäerte Cola, Waasser a Jus hunn.
- Demande bei der Gemeng fir 3 Dëscher a 6 Bänken dierfte geléint ze kréien ass gemaach. Mir géifen dës och selwer vum Maart eropdroen an zeréck bréngen.
- D'Jugendhaus wäert de Gedrénksstand maachen. Si brengen och hiert Zelt mat.
- All Memberen si gebieden deen Dag matzeschaffen, ausser et ass ee verhënnert. An der 10. Reunioun gëtt ee Planning gemaach.

<u>Päiperlék:</u>

- D'Umeldung vun der Maison-Relais Grupp ass iwwert de QR-Code noutwendeg, fir d'Course besser plange ze kënnen.
- E puer Kanner aus der Maison-Relais Grupp sinn un der Participatioun interesséiert. D'Umeldung geschitt iwwer d'Elteren, andeems dës d'Dokumenter, déi mir schécke wäerten, ënnerschreiwen. Dës „Autorisation parentale“ muss um Dag vun der Course virgeluecht ginn, well ouni ënnerschriwwe Dokumenter keng Participatioun méiglech ass, besonnesch aus Haftungsgrënn am Fall vun engem Accident.
- Zur Organisatioun: D'technesch Kontroll vun de Gefierer gëtt an der Woch vum 23. September ofgehale, a Kooperatioun mat der Sécherheetsbeoptraagter vun der Gemeng. Soubal déi lescht Detailer feststinn, gi mir Bescheed. No der Kontroll dierfen nëmmen nach optesch Ännerunge virgeholl ginn, déi d'Sécherheet oder d'Fueren net beaflossen. Zum Beispill ass d'Bemolen erlaabt, d'Montéiere vun engem Spoiler allerdéngs net.
- D'Karten mussen den 21. September net ofginn ginn, mä gi réischt den 28. September mat op d'Course bruecht. Sollt e Kart bei der technescher Kontroll als net fahrtüchteg agestuuft ginn, dierf et och net um Concours vum schéinste Kart deelhuelen.
- Um Renndag, den 28. September, mussen d'Karten rechtzäiteg op der Plaz sinn. Leider kënne mir keen Transport vun de Karten organiséieren, all Grupp ass fir den eegene

Transport verantwortlech. Et besteet d'Méiglechkeet, en Haken un d'Kart ze montéieren, fir et mam Seel de Bierg eropzezéien.

## 5) Nächst Datumer

| Datum | Auerzäit | Plaz | Beschreiwung |
|---|---|---|---|
| 23.09.2024 | 20:00 | Jugendhaus | 10.Reunion |

## 6) Ënnerschrëften

| | | |
|---|---|---|
| [redacted] | [redacted] | [redacted] |
| [redacted] | [redacted] | [redacted] |
| [redacted] | [redacted] | [redacted] |

Mat léiwe Gréiss
Luisa Loureiro - Presidentin
Mich Weber - Sekretär